

Evangelium vum 18. Sonndeg C

Lk 12, 13-21

KONTEXT

D'Evangelium vum 18. Sonndeg C ass ewéi agebett tëscht Aussoe vum Jesus, déi all, op déi eng oder Manéier mat 'sech Suerge maache fir/iwwert' ze dinn hunn an d'Konsequenze vun dem Choix, deen de Mënsch an dier bestëmmter Situatioun hëlt : d'Suerg ëmt de Glawe bekennen an d'Iwwerlieden (Lk 12, 4-9), d'Suerg ëmt déi richteg Wieder fannen (12, 10-12), ; a Lk 12, 13-34 fanne mer dann och eng Rëtsch vun Aussoe vum Jesus, viru wat d'Leit (**V. 13**) an/oder d'Jünger (V. 22) sech an Uecht huele sollen, resp. wéi eng Haltung si vis-à-vis vu materiellem Besëtzhuele sollen, wouriwwer si sech solle Suerge maachen a wouriwwer net : geireg sinn (**Vv. 13-15**), d'Beispill iwwert d'Unheefe vu Besëtzhuele (**Vv. 16-21**) ; duerno da geet et viru mat net sech op iessen an sech kleede konzentréieren (Vv. 22-32), d'Matginn net vergiessen (Vv. 33-34). - D'Vv. vun dësem Sonndeg (**Vv. 13-21**) fanne mer just beim Lk, well et him en Uleies war ëmmer erëm, och an deenen nächste Perikopen, 1. virum Unheefe vu Besëtzhuele ze warnen - dat schéngt e Problem a senger Gemeinschaft gewierscht ze sinn (vgl. z. B. Apg 2, 44 mat Apg 4, 32ff) – an 2. ëmmer erëm ze betounen, datt dem Herrgott säi Räich d'Dier grouss op huet fir déi Oarem an Ausgestoussen (et fängt scho beim Jesus senger Gebuert un, wou d'Hiirden als éischt Bescheed kréien an dohinner lafen, cf. och zu Ugangs vum Jesus senger Mlssioun, Lk 4, 16ff).

TEXT

Ee vun deene ville Leit, déi do waren, huet zum Jesus gesot : ... (Vv. 13-14) :

Dacks goufen d'Rhabbiner gefrot fir an esou Fäll ze schlichten, meeschtens awer a Präsenz vun deenen zwou, oder méi Parteien (wouriwwer hei awer näischt gesot gëtt). U sech gräifen d'**Vv. 13-15** eng deemools gutt bekannte litteraresch Gattung op (d'Chrie'), wou eng Persoun, déi Autoritéit huet a bekannt ass eppes gefrot gëtt, wat dëser Persoun dann d'Geleeënheet gëtt, hir Weisheet an hiirt Wëssen nees eng Kéier ze weisen. – 'Mäi léiwe Mann' (wuertwärtlech : 'Mënsch'/'Mann') gebraucht de Lk och nach a Lk 5, 20 ; 22, 58.60, do wou an de Paralleltexter 'Kand/Jong' steet (cf. Mk 2, 5 ; Mt 9, 2). Anerwäerts gebraucht de Lk 'Frënd' (cf. d'Evangelium vum leschte Sonndeg V. 5; 14, 10). Et schéngt es also wéi wann de Lk mat dier Uried wéilt eng bestëmmten Distanz tëscht dem Jesus an deem 'Mënsch' hei weisen, eng Distanz, déi nach ënnerstrach gëtt tëscht 'Meeschter' (**V. 13b**) a 'mäi léiwe Mann' (**V. 14b**). – De Jesus hëlt hei och eng bestëmmten Distanz an zum Moses (mat deem hien awer anerwäerts sech ënnerhält, cf. Lk 9, 30), dee Chef a Riichter war (cf. Ex 2, 14 an Apg 7, 27.35). – D'Reaktioun vun dem Mann, dee, wéi et schéngt net oarem war, huet de Lk net opgeschriwwen...

Du sot hien zu hinnen : « Passt op an » (V. 15) :

De Jesus refuséiert d'Roll fir sech an eng Ierwschaft anzemëschen, well fir hien dem Mënsch säi Liewen net vu sengem Besëtzhuele ofhänkt (wéi och d'Erzielung vum de

Beispiller, resp. Gläichnësser hannendrun et ënnersträichen). An dat éischt Beispill fänkt dann och direkt un :

An de Jesus huet hinnen e Gläichnes erzielt : « ... (Vv. 16-19) :

An dësem Gläichnes (an och anerwäerts, wou et ëmt de wierklech Räichtum geet) reit de Lk sech an an Iwwerleeungen aus der Weisheitslitteratur, wéi mer e Beispill beim Jesus Sirach liesen (cf. 11, 18f) - De Problem ass net, datt de Mann aus dem Gläichnes räich ass, resp. datt hien nach méi ze wëlle schéngt; de Problem ass, datt hien (cf. seng Iwwerleeungen, déi laang daueren, ugedeit duerch de Gebrauch vum Imparfait am Griicheschen - beim Lk gi mer dacks de Personagen aus de Gläichnësser hir Gedanke gewuër, cf. 15, 17-19 ; 16, 3 ; 18, 4 ; 20, 13) dat alles opkéipe wëlt, fir sech et da gutt goen ze loossen (alles am Futur ! ; wuertwiertlech 'V. 19 'an da soen ech zu menger Séil : 'Séil ...', Séil = atl Sproochgebrauch no, de liewege Mënsch/d'Liewen)) - wat an eisen A och legitim schéngt : hie schéngt jo och derfir ze schaffen ; hie wëlt da raschten, iessen, drénken a sech et gutt goe loossen (V. 19), d.h. e Liewen ouni Suerge féieren, awer ouni un en anere wéi sech selwer ze denken. Mer hunn hei eng Reienfolleg, déi de Leit bekannt war, cf. Koh 8, 15 ; Jes 22, 13 ; 1Kor 15, 32, vu Wäibecheeren a Griewer, asw. Well esou ähnlech Beispiller den Nolauschterer/Lieser bekannt waren, hätt de Jesus hei kënnen ophalen. Mee, d'Erzielung geet weider :

Den Herrgott awer sot zu him : ... (Vv. 20-21) :

Dee räiche Mann, deen a Gedanke seng Pensioun genéisst, wéi mär haut soe géifen, vergësst, datt et net hien ass, dee bestëmmt fir wéi laang hien nach heinidden ass (wuertwiertlech V. 20 'gëtt deng Séil/däi Liewe vun hinnen zrëckgefrot', woubäi de Pl hei vu Gott gebraucht gëtt wéi e Pluralis majestatis + d'Iddi, datt mer d'Liewe just geléint kritt hunn, ass biblesch, cf. z. B. Weish 15, 8)). Elo ass dee räichen, dichtege Mann op eemol nëmme méi eng Niewepersoun, e Statist an der Erzielung ! – Iergendwéi geet d'Sympathie fir de Mann iwwer a Matleed fir säi Schicksal ; d'Erzielung ziilt drop d'Nolauschterer ze schockéieren an sech a Fro ze stellen. A wann de Jesus nach 'mäi léiwe Mann' zu deem sot, dee fir seng Deel gefoart huet, esou seet Gott 'Eefalt' zu dem räiche Bauer aus dem Beispill (cf. och Ps 14, 1 ; 39, 7 ; 49 ; 53, 1 ; 73, 18-20 ; Sir 11, 19). D'Fro 'a wie kritt dann dat, wat s du opgekéipt hues ?' schléit de Bou zu der Ufanksfro aus dem V. 13. Bis heihinner schwamme mer a weisheetlecher Erkenntnis, déi och ausserhalb vun der Bibel ze fannen ass ; duerch de V. 21 gëtt et da biblesch : De räiche Bauer hat vergiess, datt et net de Besëtz ass, dee virum Herrgott zielt. Wat virum Herrgott zielt kréie mer an dësem V. gesot an och a Lk 12, 33f ; 18, 22 ; 16, 9.19ff gesot.

(Fränz Biver-Pettinger)